

kommen: Déi meescht Leit si Frontalieren, déi ausserhalb rekrutéiert goufen, fir eben déi Lächer ze fëllen.

Da soen ech lech nach Zifferen, déi och sollen ze bedenke ginn. Engersäits geet eisen Emploi nach ëmmer weider. Ech weess net wien et gesot huet, mä et huet een zu Recht gesot, den Emploi geet nach ëmmer weider. Wou mer de Problem hunn, dat sinn d'Offres d'emploi, déi d'ADEM kritt, déi ginn erof. Mä eng Ziffer, déi eis awer soll ze bedenke ginn, ass déi vun de Permis de travail, déi un net EU-Bierger ausgi ginn. Do hu mer 1997 4.210 Dossieren traitéiert, 1998 der 3.835, 1999 der 4.381, an zënterhier geet et wierklech schlaagaarteg Biergop, am Joer 2000 der 4.809, am Joer 2001 der 5.225, a bis elo hu mer 4.492 Dossieren, wat soe wëllt, dass mer zum Schluss vum Joer op d'mannst op déi Zuel komme wéi am Joer 2001.

Dat heescht mir gesinn, dass et Biergof geet um Emploi mat der Croissance vum Emploi. Mir gesinn, dass et Biergof geet mat deene Plazen, déi bei der ADEM gemellt ginn, mä et ass nach grad esou e grouse Besoin do, wéi virun, à tort ou à raison, fir Leit aus net EU-Länner anzustellen. Och dat soll eis ze bedenke ginn, an dobäi soen ech lech, dass d'Quotae vun de Refusen an all deene Joren erofgaange sinn. Ech héiere jo nach ëmmer, mir géifen dauernd Leit refuséieren. Et si manner wéi 8% vun den Dossieren an der Moyenne, déi refuséiert ginn.

Dann huet d'Madame Wagener geschwat vun der Fraequot. Wann eppes zu Lëtzebuerg zënter deene leschte fënnef Joer wierklech positiv évoluéiert ass - et gëtt awer nach aner Saachen -, dann ass et ebe just d'Fraequot. Haut kënn Dir e Communiqué vun der Europäescher Kommissioun liesen, wann Dir doheem Är Mailbox kuckt, deen drop ageet, wéi mer an der Beschäftigungspolitik stinn. D'Kommissioun mécht eng Partie Rekommandatiounen. Si mécht eis notament d'Rekommandatioun, mir hätten ze wéineg Leit vu méi wéi 55 Joer, déi schaffen, mä si seet eis och, dass mer wierklech den Emploi a Kraaft gehalten hunn a weider gedriwwen hunn duerch d'Augmentatioun vun der Fraequot. Et ass just do, wou mer immens Progrès gemaach hunn.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Dat sinn awer hauptsächlich auslännesch Fraen a Frontalieren, nee?

**M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Dat ass falsch!

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Souwäit wéi ech d'Zuele kennen, ass den Taux bei de Lëtzeburger Fraen nach ëmmer relativ niddreg.

**M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Dat ass falsch! Et ass och do den Emploi intérieur, deen do ugekuert gëtt an net nëmme den Emploi frontalier.

Den drëtten Punkt op deen ech wollt agoen, dat ass deen, dass mer och an Zukunft déi atypesch Situation vum Chômage zu Lëtzebuerg behalen, nämlech dass mer e soziale Chômage behalen, deen eben ënnert dem strukturelle Chômage läit. Et ass richtig, wat de Lucien Lux gesot huet, dass jiddfer Aarbechtslosen zielt, an dass mer eis net sollen domat zefridde ginn, dass mer nach wie vor dee beschten Taux an Europa hunn, mä dass mer no all Eenzelnen, deen zu Lëtzebuerg eng Aarbecht sicht, solle kucken.

Natierlech behale mer déiselwecht Problemer wéi an der Vergaangenheet, dass déi net qualifizéiert Leit éischter elo entlooss ginn a vill méi schwieereg erëm eng nei Aarbechtsplaz fannen, dass déi eeler éischter entlooss ginn, well se méi deier

kaschten, an déi hu vill méi Schwieeregkeeten, fir erëm eng Aarbechtsplaz ze fannen. Alles dat fanne mer erëm, och an Zukunft, um Aarbechtsmaart. Just dat soll eis dra bestärken, fir elo net op eemol, de PAN op d'Kopp ze geheien, an alles wat mer do décidéiert hunn, mä fir eis ze bestärken, fir déi Efforté weider ze fueren. Et wär e fundamentale Feeler, wa mer haut géife soen: Elo maache mir grouss Liberaliséierung a mir ginn eis net méi d'Méi, fir eis ëm d'Lëtzeburger Chômeuren ze bekëmmern. Déi haten einfach Pech. Jiddfree soll op Lëtzebuerg kommen, wéi ech dat déi Deeg nach héieren hunn, a wien eng Aarbecht fënnt soll se kréien. Mir musse kucken, dass déi Leit, déi zu Lëtzebuerg entlooss goufen, ob Lëtzeburger oder net, mä zu Lëtzebuerg wunnen, prioritär gehollef kréien a prioritär kënnen agestellt ginn.

Duerfir kommen ech op mäi véierte Punkt: Wat kann d'Regierung do maachen? Dat éischt ass, dass mer, menger Ansicht no - a verschidde Leit hunn eis dat ënnerstrach, besonnesch d'Berufskummeren: d'Privatbeamtekummer, d'Aarbechterkummer, mä och d'-Gewerkschaft, awer just d'Opposition, besonnesch d'sozialistesche Fraktioun, ass do enger anerer Meinung -, d'Recht hunn, fir net elo op eemol alles no ënnen ze revidéieren an eisem Budget, fir net d'Investitiionsquot erofzesetzen, fir net op d'Steierreform zrëckzekommen. Déi Steuerreform huet eis gehollef. Ech hunn Artikelen gelies vun enger Partie vu sozialisteschen Exponenten, Här Lux, déi mir dat awer kloer gesot hunn.

**(Interruption)**

Neen, dat net, mä awer de Budget misst geännert ginn. D'Steierreform ass zu engem Moment komm, wou mir se wierklech och gebraucht hunn, fir eng Relance économique ze maachen. Ech wëll drun erënneren - well ech weess jo, dass elo ganz vill d'Banque Centrale zitëiert gëtt, wat si an der Chamberkommissioun gesot huet -, dass déiselwecht Banque Centrale virun engem Joer der Regierung virgeworf huet, déi Steuerreform dierft iwwerhaupt net gemaach ginn, well déi Steuerreform géif déi ganz Wirtschaft dach nëmme unheizen. Haut, mengen ech, ass jiddfreee frou, dass mir déi Steuerreform gemaach hunn zum richtige Moment. Mir heizen net d'Wirtschaft un, mä mir bréngen et faerdeg, dass mir e bësse méi wäit kommen.

**(Interruption)**

Den anere Punkt ass dee vun der Diversification économique. Den Här Lux huet hei en Zeitungsartikel zitëiert à décharge. Ech zitëieren dann einfach, wat d'FEDIL am Echo de l'Industrie geschriwwen huet iwwert d'Politik vun der Diversification industrielle vun dëser Regierung: "Les efforts du Ministère de l'Économie pour le développement et la diversification de notre site industriel ont été poursuivis sans relâche durant les années écoulées. A une politique qui vise à attirer de nouvelles entreprises au Grand-Duché s'est ajoutée une action forte qui vise à promouvoir le développement endogène au Luxembourg."

Wann d'FEDIL seet, dass de Wee, deen de Wirtschaftsminister ageschloen huet, richtig ass, da mengen ech, misst ee sech dorop référéieren. Ech ginn lech nach e puer Zifferen: 1999 sinn zéng Projeten zu Lëtzebuerg décidéiert gi mat 30,3 Milliounen Euro Investissement an 202 Aarbechtsplazen, am Joer 2000 véierzéng Projete mat 65,6 Milliounen a 423 Aarbechtsplazen, am Joer 2001 erëm eng Kéier 40 Projete mat 163,4 Milliounen Euro Investissement an 296 Aarbechtsplazen. Et ka kee behaupten, mir wäeren net mat der Diversifikationspolitik weitergefuehrt.

En drëtten Punkt ass deen, wat d'ADEM gemaach huet. D'ADEM huet just dat gemaach, wat hei verlaangt gouf, nämlech dass méi e groussen Accompagnement personnel virgesi gouf. Dat Dokument, wat ech lech de Moien ausdeele gelooss hunn, schreift dat ganz kloer. Do kënn Dir gesinn, wat geschitt ass zënter 1997. Mir hu Consultanté geholl, déi aus dem Privatséktor kommen. Ech ka mech nëmme ganz vehement géint d'Privatisierungsbestriewungen, déi den ADR hei verlaangt huet, wieren.

Ech mengen, dass déi Privatisierungsbestriewungen einfach falsch sinn. Dat kann dem ADR seng Meinung sinn, mä et ass net d'Meenung vun der Regierung. Mir hu just, fir méi op d'Privatwirtschaft zougeng, déi Consultanten, wat meeschtens Leit sinn, déi Chefs de personnel waren a Betriber an déi an hirem privatrechtleche Kontakt weider mat der ADEM schaffen, an do ganz vill Erfolger ze verzechen hunn.

Mir hunn déi psycho-sozial Begleitung, déi d'Leit maachen, och verstärkt. Opgrond vum PAN-Gesetz si Psychologen an Éducateuren agestellt ginn. Et gëtt vill méi eenzel mat de Leit geschafft, wéi virun. Mir hunn eng Augmentatioun vum Personal, déi net esou grouss ass, wéi ech se gären hätt, mä si ass weidergaang, a mir schaffen an der ADEM vill méi perséinlech mat de Leit.

Dann e véierte Punkt, dat ass dee vun der Économie solidaire. Do mengen ech, dass et wichteg ass, dass mir déi Beschäftigungsinitiative weider fördern, och ausbauen, quitte dass mir se an eng Rumm ginn, wou mir keng Concurrence déloyale kréien. Dat si mir amgaang ze maachen. Mir sinn amgaang e Gesetz auszeschaffen iwwert de Chômage social, wou mir deene Beschäftigungsinitiativen eng Base légale ginn, wou mir se ëmrahmen, wou mir se awer och weider behalen. Well et muss een einfach wëssen, dass mir och an Zukunft Leit behalen, déi een einfach net an e Betrib erëm ënnerdaach oder iwwerhaupt ënnerdaach kritt. An deem Sënn sinn d'Beschäftigungsinitiativen och an Zukunft wichteg, fir mat deene Leit ze schaffen, fir dass déi Leit net einfach Almose kréien, dass si net einfach Sue kréien, mä dass si iwwert d'Aarbecht sech selwer kënnen duerstellen.

Ech ginn dem Här Lux absolut Recht, wann hie seet: "Beschäftigungsinitiative sollen nëmme Brécken duerstellen." Ech mengen, haaptsächlech Brécken duerstellen. Si mussen och kënne Leit méi laang beschäftegen, déi soss net op den Aarbechtsmaart zrëckkommen.

E fënneft politescht Element ass dat vun de Permis de travail. Ech hunn lech virun d'Ziffer gesot, dass mir nach ëmmer méi Permis-de-travail-Dossiere kréien. Ech soen lech, dat ass bal dat eenzegt Element, wat mir hunn, fir awer e bësse Fouss bei Mol ze halen, fir awer deene Leit, déi am Chômage sinn eng Chance ze loosse. Et stéiert mech awer, wann ech Betriber gesinn - ech wëll net extrapoléieren -, déi haut een entloossen, deen eeler ass, deen eng gutt Pai huet, an den Dag drop wëlle se en net EU-Bierger astellen, dee méi jonk ass, an deen eng méi bëlle Pai huet. Déi, déi méi eeler sinn, déi am Chômage sinn, déi zwar Experienz hunn, mä déi ebe méi wéi 40, 45 oder 50 Joer hunn, déi kréie mir net méi ënnerdaach. D'Permis-de-travail-Politik ass déi eenzeg, déi mir hu fir do Fouss bei Mol ze behalen.

D'Politik ass, an dat ass scho virun ugeklungen, wéi de Luc Frieden geschwat huet, dass mir an

Zukunft bei Rekrutéierung vu Main-d'oeuvre behäerzege mussen, dass et qualifizéierter ass, well déi feelt eis. Net qualifizéiert Leit hu mir der genuch am Chômage. Mir hunn eleng am Horesca-Bereich méi wéi 350 Leit, déi deklaréiere bei der ADEM, dass si bereet wäeren, fir doran ze schaffen. Déi mannst fannen awer do eng Ustellung. Dat huet net nëmme - dat soen ech awer ganz daitlech - eppes mat de Betriber an der Horesca ze dinn. Do ass einfach e Problem.

Mir sinn amgaang, dass mir kucke méi gezielt mat de Leit do ze schaffen, andeem mir nämlech mat der ADEM, mä och mat den eenzelne Federatiounen, Actions ciblées maachen. Déi éischt hu mir ugefaangen zesumme mat der FEDIL. Mir maachen Ateliers de formation fir Schichtaarbechter, där mir net méi genuch fannen. Do gi Leit geruff, déi keng Qualifikatioun hunn. Si ginn ausgewielt. Do falen der ewech, déi keng Loscht hunn, där hu mir der och, an déi aner ginn da mat de Betriber zesummen ausgebild, fir Ouvriers de production ze ginn. Mir hu schonn eng ganz Partie esou Ateliere gemaach, a vun deene Leit, déi duerch déi Ateliere gaange sinn, fannen déi meescht eng Aarbecht.

Wéi ech Aarbechtsminister gi sinn, hunn ech gesot kritt vun der Confédération du Commerce: „Mir hunn net genuch Leit, déi de Congé parental ersetzen am Commerce.“ Duerfir hu mir direkt ugefaangen, do Ateliere ze maachen. Mir hunn 13 Ateliere gemaach. A jiddfer Atelier sinn zwëschen 12 a 15 Leit. Vun deene Leit, déi duerch déi Ateliere gaange si, fir onqualifizéiert an d'Vente ze kommen, hu 86% eng Aarbechtsplaz fonnt. Datselwecht maache mir duerfir elo mat der Horesca. Ier dass mir grouss auswärts rekrutéieren - och wa mir dat musse maachen, an ech verstrieue mech deem net, ech hunn dat ëmmer gesot -, kucke mir awer fir d'éischt, fir deene Leit, déi hei am Chômage sinn, eng Chance ze gi mat deenen Ateliere de formation. Ech sinn iwwerzeegt, dass mir och do Leit ënnerdaach kréien.

Da weess ech net méi, hunn ech eppes gesot vun der Steuerreform? Do wollt ech mech deem ralliëieren, wat de Niki Bettendorf gesot huet. Ech mengen, ech hat dat viru vergiess. D'Steierreform ass eent vun deene wesentlechen Elementer vun dëser Regierung.

De fënneften a leschte Punkt ass dee vun der Revisioun vum PAN-Gesetz. Do huet de Lucien Weiler déi Motioun, déi 1999 ugeholl gouf, zitëiert, nämlech dass nach am Joer 2002 gekuckt gi soll, e Bilan ze maachen. Ech hunn effektiv am Fréijoer d'Sozialpartner zesumme geruff a mir sinn amgaang e Bilan ze zéien, deen net ëmmer esou einfach ze zéien ass. Mir hunn zwee Rapporten an Opdrag ginn. Deen éischte wäert an deenen nächste Woche wierklech total disponibel sinn, an dat ass deen iwwert de Congé parental. Dir wësst, dass de Congé parental entgéint deem, wat oft vu verschiddener Patronatssait gesot ginn ass, net hei duerch d'PAN-Gesetz oder duerch d'Tripartite imposéiert gouf, mä et ass en Accord vun de Sozialpartner op europäescher Ebene.

Ee vun deene wéinege Punkten, déi mir hei an der Chamber verännert hunn, ass, dass d'Durée net dräi Méint ass, mä sechs Méint. Duerfir ass et net esou - wéi oft gesot gëtt -, dass den 1. Juli 2002 d'PAN-Gesetz géif op dem Punkt Congé parental oflafen. Wat ofleeft, dat ass d'Durée vu sechs Méint. Wa mir déi net verlängeren, da geet d'Durée op dräi Méint zrëck. De Congé parental huet dräi Ziler gehat. Dat éischt ass dat vun der Egalité des chances zwëschen Mann a Fra. Dat zweet ass d'Intéresse vum Kand. Dat drëtt ass den Emploi.

Wat den Emploi ubelaangt, wäert Dir feststellen, wann Dir de Rapport elo kritt - ech hunn éischt Bribe vun deem Rapport gelies -, dass zum Beispill vun deene Leit, déi vun engem Betrib agestellt goufen, fir een ze ersetzen, deen am Congé parental war, 70% nom Oflaf vun hirem Contrat à durée déterminée am Betrib bliwwen sinn. Dat heescht de Congé parental huet eis an engem gewëssene Sënn gehollef, fir Leit eng Chance ze ginn iwwerhaupt op den Aarbechtsmaart ze kommen. Dat ass eng vun deenen Zuelen, déi ganz positiv sinn.

Den zweete Rapport, dee mir amgaang sinn ze maachen, ass deen iwwert d'Resultater vun der Aarbechtszäitorganisatioun a vun der Flexisécurité. Dat ass méi schwieereg erauszefannen, besonnesch well mir Schwieeregkeeten hunn Daten zesummen ze fannen. An deene leschte Méint scho gi mir eis mat de Sozialpartner relativ vill Méi, fir dat ze maachen. Mir hoffen, dass mir bis zum Enn vum Joer méi sensibel Daten hunn, fir kënnen ze soen, wat mat de Kollektivverträge geschitt ass. Dir wësst, dass véier Punkten hu missen obligatoresch an de Kollektivvertrag verhandelt ginn. Mir wëllen awer och kucken, wat geschitt ass an deene Betriber, wou net e Kollektivvertrag ass, mee et Referenzperiode gouf.

Wat ass do mam Emploi an deem Betrib geschitt? Doraus kann een nach keng Causalitéit zéien, weder an deem engem nach an deem anere Sënn, mä et kann een awer Corrélatiounen zéien an et kann ee méi positiv an déi Debatt eragoen.

Ech soen lech just nach eng Kéier hei, dass ech wëllt warnen, dass well elo d'Zuele vum Chômage an d'Luucht ginn, mer géife mengen, dass wat mer viru fënnef a wat mer virun dräi Joer décidéiert hunn, dat wär falsch gewiescht. Au contraire, ech mengen, dass et richtig ass, an dass et och richtig ass, dass mer an der Zukunft dat verbesseren.

Domadder soen ech lech, Här President, merci, dass ech grad wéi vill, net all vu menge Virriedner, hu kënne meng Zäit verduebelen.

**M. le Président.**- Domadder ass dann dee Punkt ofgeschloss. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4581 iwwert d'Neuerdnung vum Handelsregister.

Et si schonn agedroen: déi Häre Mosar, Klein, d'Mme Durdu, den Här Henckes, d'Mme Wagener an den Här Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers.

**7. 4581 - Projet de loi concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises et modifiant certaines autres dispositions légales**

**Rapport de la Commission juridique**

**M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 4581, dee mer haut diskutéieren, huet dräi grouss Ziler.

Éischstens, e réorganiséiert de Register de Commerce et des Sociétés, zweetens, e bréngt eng nei Faassung vun de gesetzleche Bestëmmungen iwwert d'Comptabilitéit an iwwert déi jährelch Konte vun de Betriber, an drëttens, en ännert verschidde Bestëmmunge vum Gesetz vum 28. Dezember 1988 iwwert den Zougank zu den handwierklechen, kommerziellen an de fraie Beruffer.

An engem éischten Deel vum Text gëtt den Handelsregister, deen zu Lëtzebuerg duerch e Gesetz vum 23. Dezember 1909 geschafe ginn ass, geännert. Den Handelsregis-



ter ass haut am kommerzielle Beräich, mä och doriwwer eraus am allgemenge gesellschaftleche Beräich, een Instrument wat indispen-sabel ass. Dat Instrument soll op eng einfach, eng rapid an eng effi-kass Manéier jidderengem, deen dorunner interesséiert ass, all nütz-lech Date liwweren iwwert déi Per-sounen, oder Gesellschaften, déi iergendeng kommerziell Aktivitéit hunn.

Aus där Definitiouen eraus stelle sech véier Froen, déi an deenen eenzelen Kapiteln an Artikelé vum Gesetz eng Äntwert fannen:

1. Wien ass vum Gesetz beträff?
2. Wiem soll dat Instrument ënner-stoen? Wie soll d'Gestioun iwwer-huelen?
3. Wat fir eng Donnéeën mussen agedroe ginn? Wie muss déi Don-néeën androe loossen?
4. Wéi steet et mat de Sträitfäll a mat de Strofen?

Beträff vun dësem Gesetz si fir d'éischt emol all d'Persounen a Gesellschaften, déi eng kommer-ziell Aktivitéit hunn. Si musse sech selbstverständlech am Registre de Commerce et des Sociétés androen. Si mussen och all Änner-ungen, déi virgeholl ginn, androe loossen. Doniewent mussen awer och all sougenannt „personnes morales“ sech am Register androen, ganz egal ob se opgrond vum Gesetz vun 1928 iwwert d'As-sociatiounen oder iwwert e Spezi-algesetz geschafe goufen. Den Ar-tikel 1 zielt all déi Persounen a Ge-sellschaften op. D'Commission ju-ridique huet virgeschloen, dass och d'Etablissements publics vum Stat a vun de Gemengen d'Ver-flichtung hunn, sech androen ze loossen. Vill vun deenen Etablis-sementer hunn déiselwecht oder ähnlech Aktivitéiten, wéi privat As-sociatiounen. Dofir ass et gutt, dass si deene selwechte gesetzle-che Bestëmmungen iwwert d'Androe vum Handels- a Gesell-schaftsregister ënnerleien.

Een zweete Froekomplex betrëfft d'Gestioun vum Registre de Com-merce. Haut läit déi Gestioun nach beim Greffe vun den Handelsgeri-chter zu Lëtzebuerg an zu Dik-rech. D'Zouhuele vun den Aschrei-ungen, déi sech an deene lescht-en zéng Joer verduebelt hunn, d'Inadaptatioun vun den admini-strativen an techneschen Infra-strukturen hunn dozou geféiert, dass d'Regierung eng nei Ge-stiounsstruktur virgeschloen huet.

Well och am Projet vun 1999 nach d'Enregistrementsverwaltung als Gestionnaire virgesi war, huet d'Regierung an den Amendemen-ter vum 15. Mee 2001 virgesinn, dass de Registre de Commerce dem Justizminister ënnersteet, deen d'Gestioun enger Entité ju-ridique kënnt uvertrauen, déi vum Stat, vun der Chambre de Com-merce a vun der Chambre des Mé-tiers geschafe géif. D'Commission juridique huet bei hiren Diskussioun-ne Kenntnis dervu geholl, dass des Entité juridique schonns am De-zember 2000 ënnert der Form vun engem Groupement d'intérêt éco-nomique Wirklechkeet ginn ass. Dofir huet d'Commission juridique virgeschloen, dass déi juristesche Form och am Gesetz ageschriww-e soll ginn.

D'Commission juridique huet an hi-rer Majoritéit, d'Léisung fir d'Ge-stioun engem Groupement d'inté-rêt économique unzevertrauen, gutt geheescht. Well domat éisch-tens de Registre de Commerce ën-nert der direkter Autoritéit vum zou-stänneg Minister bleift, zweetens ee juristescht Instrument genotzt gëtt, dat duerch d'Gesetz vum 25. Mäerz 1991 kloer ëmrass ass. Deen-n, déi sech net méi erënnere kënnen, wat dann de Sënn vun en-gem Groupement d'intérêt écono-mique ass, géif ech hei vläicht den Artikel 1 a senger richteger Form rappeléieren: „Le groupement d'in-térêt économique est celui qui, constitué par contrat pour une du-rée limitée ou illimitée entre deux

ou plusieurs personnes physiques ou morales de droit public ou privé. a pour but exclusif de faciliter ou de développer l'activité écono-mique de ses membres, d'amélio-rer ou d'accroître le résultat de cet-te activité. L'activité de groupe-ment doit se rattacher à celle de ses membres et ne peut avoir qu'un caractère auxiliaire par rap-port à celle-ci.“

Domat dierft och feststoen, dass de Gestionnaire vun dem Registre de Commerce, sou wéi en och vir-gesinn ass am Artikel 2 vum Ge-setz, eigentlech nëmmen de ver-längerten Aarm vum Stat ass. En ass vum Stat geschafen, en huet seng Aktivitéite kloer a präzis fest-geluegt an en ënnerläit dem Con-trôle vum Stat inklusiv deem vun der Cour des Comptes gemäss dem Artikel 2.2 an 3 vum Gesetz vum 8. Juli 1999 iwwert d'Schafung vun der Cour des Comptes.

De Virdeel, deen de Groupement d'intérêt économique huet, ass, dass en op eng rapid, effikass a flexibel Aart a Weis seng Missioun-en erfëlle kann, wat bei de méi strenge Bestëmmunge vum Bud-get beim Stat an och vun de staat-leche Verwaltungen eigentlech net méiglech ass.

Eng drëtt Fro betrëfft Donnéeën, déi mussen agedroe ginn. Ech ver-weisen do op d'Artikelen 3 bis 11 vum Gesetz selwer, wou déi Don-néeën kloer an däitlech opgezielt sinn. Nei sinn déi Bestëmmungen déi virgesinn, dass am Sënn vun enger administrativer Rationaliséi-erung verschidden Donnéeën di-rekt vun deenen zoustänneg Ver-waltungen oder, am Fall vun en-gem notariellen Akt, direkt vum No-taire un de Registre de Commerce matgedeelt kënnen ginn. Sträitfäll si geregelt am Artikel 21. Nei si Geld-strofe fir déi Persounen, déi d'Ge-setz net befollegen doduerch, dass si et ënnerloossen, fir déi Donnéeën androen ze loossen, déi d'Gesetz virgesäit.

Een zweeten Deel vum Gesetz än-nert d'Bestëmmungen iwwert d'Comptabilitéit vun de Betriber. Dat geschitt ënner anerem am Hi-bléck op d'Schafung vun enger sougenannter Centrale des bilans, déi nom Artikel 76 vum Gesetz an d'Kompetenz vum Statec fält. Wann d'Betriber hir jährelch Konte relativ séier ofschléissen, wa si déi Donnéeën spéitstens siwe Méint no dem Joresenn beim Registre de Commerce déposéieren, wann den Dépôt vun deenen Donnéeën ënnert enger eenheetlecher Form geschitt, esou wéi d'Gesetz et vir-gesäit, déi och Vergläicher erméig-lecht, da kann dat doten Instru-ment nützlich si fir sougenannt „clignotants d'alarme“ opzestellen, déi et erlaben, mat Zäit anzegräi-fen, fir eventuell Failliten ze verhën-neren.

Fir Betriber, deenen et net méig-lech ass, aus zwéengende Grënn, d'Bestëmmungen iwwert d'Com-ptabilitéit ze befollegen, gesäit den Artikel 27 vir, dass de Minister eng Derogatioun ka ginn.

Am Titre 3 vum Gesetz ass virge-sinn, dass d'Gesetz vum 28. De-zember 1988 ofgeännert gëtt. Per-sounen, déi eng Autorisation d'éta-blisement froen, mussen no deen-ne neie Bestëmmungen eng Dé-clARATION d'honneur ofginn a mat-deelen, a wéi engem Betrib si an enger Fonctioun als Dirigent an deene leschten dräi Joer geschafft hunn. Si mussen och matdeelen, a wéi enge Betriber se Participatioun-en hunn. Déi Deklaratioun gëtt dann der Steierverwaltung an och dem Centre commun vun der Sé-curité sociale weidergereecht, fir eng Appréciatioun.

Wann eng Persoun, déi ënnert d'Gesetz vun 1988 fält, hir gesetz-lech virgesi Verpflichtungen net er-fëllt, ënner anerem doduerch, dass se géigeniwwer der Steierverwal-tung oder der sozialer Sécherheet hir Obligatiounen net anhält, da kann déi Autorisatioun refuséiert oder entzu ginn. Déi Moosname

kënnen och getraff ginn opgrond vun enger Demande vun der Steierverwaltung oder vum Centre commun vun der Sécurité sociale. Déi Moosnamen, déi ganz wäit ginn, sollen dozou bäidroen, dass verschidde Betriber hire Verpflich-tungen an Zukunft besser nokom-men.

Et bleift nach e lescht Wuert ze soen iwwert d'Bestëmmungen, déi virgesinn, wéini dat neit Gesetz a Kraaft soll treden. Nom Artikel 104 trëtt d'Gesetz a Kraaft den éischten Dag vum zweete Mount no-deem et am Mémorial veröffent-lecht ginn ass, ausser dem Titre 2 iwwert d'Comptabilitéit an dem Ka-pitel 2 vum Titre 3, déi den 1. Janu-ar 2005 a Kraaft treden. An deen-Dispositiounen leien awer och d'Artikele 27 an 96. Déi sollen awer ausnahmsweis erëm a Kraaft trieden esou wéi d'Gesetz, an zwar den éischten Dag vum zweete Mount no der Publikatioun am Mé-morial.

De Statsrot war mat deem doten Text net averstanen. D'Kommis-sioun ass awer beim Text vun der Regierung bliwwen. Ënner anerem fir de Betriber ze erlaben, dass se Zäit hu bis zum Joer 2005 fir sech op déi nei Mesuren, déi nei Be-stëmmungen iwwert d'Comptabili-téit virzebereeden. D'Kommissioun war och net d'accord, well d'Iwwer-gangsbestëmmunge selwer, esou wéi de Statsrot et proposéiert huet, eréischt am Joer 2005 a Kraaft ge-truede wäeren, wat jo awer onméi-glech war.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hu versicht an där Zäit, déi virgesi war, op eng kuerz Aart a Weis déi kom-plex Matière virzedroen. Et ass e Gesetz, wat vill Leit hei am Land interesséiert. Mir wëssen, dass hei am Land ganz vill Leit, net haapt-sächlech a kommerzielle Gesell-schaften, dat och, mä a villen As-sociatiounen organiséiert sinn, an d'Associatiounen sinn och vun deem Gesetz beträff, esou dass et e Gesetz ass, wat ganz vill Leit am Land interesséiert.

Ech géif ofschléissend d'Chamber froen, dass se dat Gesetz an där Form, wéi d'Commission juridique et virgeschloen huet, géif stëm-men.

■ **M. le Président.**- Als éischte Riedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. D'Wuert huet den Här Mosar.

**Discussion générale**

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ufänke wéll ech mat engem Merci u mäi Fraktiounskolleeg Paul-Henri Meyers, deen en excel-lente schrëftlechen a mëndleche Rapport ofgeluegt huet, an dëst an enger Matière, déi äusserst kom-plex ass, besonnesch wat de Volet vun der Comptabilitéit an de Konte vun den Entreprises ubelaangt.

De Projet, dee mer haut hei disku-téieren, ass awer net nëmme kom-plex, mä och voluminös, well en net manner wéi 15 Gesetzestexter ofännert. De Projet verfollegt dann och dräi Objektiv. Éischstens d'Reform vum Handelsregëster. Zweetens ginn d'Regelen aus der Comptabilitéit an de Comptes an-nuels reformuléiert. An drëttens ginn an dësem Projet Moosname getraff, déi et den Autoritéiten erla-ben, méi effizient a schnell am Be-räich vum Nidderloossungsrecht kënnen aktiv ze sinn.

A menger Interventioun wéilt ech mech ausschliisslech mat dem éischte Punkt beschäftegen, näm-lech deem vun der Reorganisa-tioun vum Handelsregëster. Laut dem Gesetz vum 23. Dezember 1909 ass et bis elo esou ge-wiescht, datt d'Greffe vun de Be-zierksgerichter an der Stad, res-pektiv zu Dikrech, den Handelsre-

gëster géréieren. Während bal en-gem Jorhonnert hu si dat op eng ir-réprochabel Aart a Weis gemaach, an dat gréisstendeels och zur voll-ster Zefriddenheet vun deene con-cernéierte Persounen a Gesell-schaften.

Wann een awer weess, wéi beson-nesch an de leschte Joren den Aarbechtswolume vun de Greffen am Allgemengen, mä awer och ganz besonnesch dee vum Han-delsregëster zougeholl huet, ass d'Gestioun vun dësem Handelsre-gëster ëmmer méi schwierig ginn, wat dann och zu deelweis grouss-e Retarde gefouert huet bei den In-scriptiounen. Heibäi dierf een aller-déngs net vergiessen, datt beson-nesch während deem leschte Jor-zéngt d'Unzuel vun dësen Inscrip-tiounen sech verduebelt huet an do-madder den Aarbechtswolume re-gelrecht explodéiert ass. D'Aar-bechtsmethoden, d'Effektiver, an awer och ganz besonnesch d'In-frastrukture konnt den dësem Rhyth-mus net nokommen.

Dat huet dann haaptsächlech zu zwou Konsequenze gefouert. Éischstens natierlech - an ech hunn et scho gesot - sinn d'Waardezäi-ten ëmmer méi laang ginn. Mä zweetens ass awer och d'Qualitéit vun de gesammelten Daten, den Erfuerdernisser vun eiser Ekono-mie, a ganz besonnesch eiser Banken- a Finanzplaz, net méi ge-recht ginn. Eng Etüd, déi am Laf vun den 90er Jore vun der Regie-rung an Optrag gi war, huet dann och d'Schwaachpunkte kloer op-gedeckt an all déi Leit a Beruffs-gruppen, déi mat dem Handelsre-gëster ze dinn hunn, kënnen dëst nëmme bestätegen. Eng Reform vum Handels- a Gesellschaftsre-gëster huet sech also förmlech op-gedrängt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer haut hei décidéie-ren, dësen Handelsregëster ze re-organiséieren an en an e Groupe-ment d'intérêt économique ze inte-gréieren, ass dat also net, well an deene leschte Jorzéngte schlecht Aarbecht um Niveau vun de Greffe gemaach ginn ass, au contraire. Ech wéll dat ganz kloer nach eng Keier hei ënnersträichen, well déi Beamten hunn, ënner oft schwie-rege materielle Bedingungen, eng formidabel Aarbecht verriicht, fir déi ech hinnen hei am Numm vu menger Fraktioun och nach eng Keier wéll e grouss-e Merci aus-drécken.

Wat gesäit awer elo de Projet de loi vir? An enger éischer Optioun wollt d'Regierung ursprüngelech d'Kompetenze vum Handelsregë-ster am Kader vun der Enregistre-mentsverwaltung regroupéieren. D'Objektiv heivunner wär eng opti-mal Rationaliséierung vun de Pro-zedure gewiescht am Beräich vum Déposéiere vun Dokumenter an dem Bezuele vun Taxen. Och wann esou e Regroupement sécherlech e gewëssene Sënn gemaach hätt, ass e vun der Regierung schlus-sendlech net zrëckbehale ginn, an ech géif och mengen zu Recht.

D'Regierung huet sech nämlech entscheet, fir d'Gestioun vum Han-delsregëster an d'Hänn vun engem sougenannte „groupement d'inté-rêt économique“ ze leeën, dee sech aus dem Stat esou wéi aus zwou Chambres professionnelles, nämlech der Chambre de Com-merce an der Chambre des Mé-tiers, zesummesetzt. An der zou-stänneger Kommissioun hu mer laang an intensiv iwwert dës Op-tioun geschwat an eng Majoritéit vu Memberen huet sech dann och schlussendlech heimadder aver-stan erkläert.

Ech géif och wëlle behaapten, datt d'Approche vun der Regierung déi richtig ass. Dëst haaptsächlech aus dräi Iwwerleeungen eraus. Éischstens läit et op der Hand, dass een déi virgenannt Beruffskumme-re méi staark an d'Verantwortung an domadder an d'Gestioun vum Handels- a Gesellschaftsregëster abanne soll. D'Chambre de Com-merce an d'Chambre des Métiers

sinn déi éischt, déi een Interessi un engem gutt fonctionnéierenden Handelsregëster hunn. Hir Mem-beren, deenen hir Interesse si ver-trieden, sinn net nëmmen een Haaptfournisseur vun Informatioun-en un dee Regëster, mä si si gläich-zäitig och dee gréisste Konsu-ment vun dësen Informatiounen. Et läit also op der Hand, fir si ganz no un der Gestioun ze bedeelegen.

Eng zweet Iwwerleeung ass déi, datt dëse Wee eigentlech der Iddi vun engem Guichet unique ent-sprécht. D'Beruffskummere sinn en absolut privilegiéierten Usprich-partner vun deenen zukünftigen Entrepreneuren a Gesellschaften, wat d'Grënnung vun enger Firma betrëfft, mä och wat d'Berodung iwwer all déi administrativ Démarchen ugeet. Doduerch, dass also an der Zukunft d'Beruffskummeren direkt an d'Gestioun vun Regëster implizéiert ginn, bedeit dat eng wesentlech Vereinfachung vun dë-sen administrativen Démarchen.

Eng drëtt Iwwerleeung ass dann - an et ass net déi allermannst wich-teg - déi vun der Noutwendegkeet vun enger méiglechst grousser Flexibilitéit vun esou engem Orga-nismus, fir kënnen op déi ëmmer méi zählreich Erausforderungen, déi un den Handelsregëster an der Zukunft gestallt ginn, anzegoen. Dofir schéngt dann och d'Form vum Groupement d'intérêt écono-mique eng ideal juristesche Form ze sinn. Ech wéll dann och betounen, dass mer mat esou engem Groupe-ment d'intérêt économique d'Welt net nei erfannen, mä dass mer u sech d'Beispill aus verschid-den europäesche Länner suivé-ieren. Sou gëtt zum Beispill an Hol-land, an Italien de Regëster direkt vun de Beruffskummere géréiert, während bei eise belschen Nope-ren dës Gestioun vun enger Han-delsgesellschaft assuréiert gëtt, déi all Informatiounen vum Greffe vum Handelsgeriicht op engem Fi-chier zentraliséiert.

Laut mengen Informatiounen fonc-tionnéieren dës Systemer méi wéi zefriddestellend an et kann also net verkéiert sinn, wa mir eis un esou engem Modell orientéieren. Dobäi kënnt, datt mer an Zukunft just nach ee Regëster wäerten hunn, well déi zwee Regëstereen aus der Stad a vun Dikrech mate-nee fusionéiert ginn.

An Zukunft wäert nach méi wéi bis elo d'Informatik eng wesentlech Roll ze spillen hunn, well den Ac-cès zu den Informatiounen jo och haaptsächlech iwwert den elektro-neschen Zougang soll gemaach ginn. Dëst schléisst natierlech net aus, datt och an Zukunft eng Con-sultatioun vun den Donnéeën op der Plaz wäert méiglech sinn. Aller-déngs, an dat wéll ech hei betou-nen, wäert sécherlech de Succès vun all dësen Démarché vun en-gem gudder Fonctionnement vum Volet vun der Informatik ofhänken, déi weider vum Centre informati-que de l'Etat géréiert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéll dann awer hei och nach op e Virwurf agoen, dee sé-cherlech herno vun deem engen oder anere vun de Kolleege vun der Opposition wäert virbruecht ginn, nämlech hei géif eng schläi-chend Privatisatioun vun engem Service public gemaach ginn. Dë-se Reproche, an de Rapporteur huet et a senge schrëftlechen Aus-féierungen och schonn ënner-strach, ass manifestement falsch, well hei gëtt keng Privatisatioun ge-maach an helfir ginn et zwee Grënn:

1. funktionéiert de Regëster an Zu-kunft ënnert der direkter Autoritéit vum Justizminister an
2. huet de Groupement d'intérêt économique dräi Associéen, näm-lech de Stat an doniewent déi vir-genannte Berufskummeren, déi, an dat wéll ech hei nach eng Keier ën-nersträichen, de Statut vun engem Etablissement public hunn.

Et kann also keng Rieds dovun sinn, datt hei elo privatiséiert gëtt, an an



Zukunft dee ganzen Handelsregister vun enger privater Gesellschaft géif bedriwwen ginn.

Här President, nach schnell e puer Wieder zu der juristescher Form vun dësem Organisme de gestion.

D'Commission juridique huet insistéiert, datt d'Forme juridique am Gesetzestext soll preziséiert ginn. Den Artikel 2 vum Projet seet elo, datt den Handels- a Gesellschaftsregister vun engem Groupement d'intérêt économique gëréiert gëtt an dat, wéi ech et scho gesot hunn, ënnert der Autoritéit vum Justizminister. Dëse Groupement d'intérêt économique ass schonn den 28. Dezember 2000 vum Stat, der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers gegrënnt ginn an d'Statute sinn dann och kuerz duerno am Mémorial C publizéiert ginn. Dat huet de grouse Virdeel, datt d'Reprise vum Handels- a Gesellschaftsregister scho gutt preparéiert ginn ass, wann elo d'Gesetz a Kraaft trëtt. Domat gëtt de Register, wat wichteg ass, ganz séier operationell. D'Gesetz vum 25. März 1991 applizéiert sech hei.

Wat sinn elo d'Charakteristike vun engem Groupement d'intérêt économique? E Groupement d'intérêt économique ass en Instrument vu Kollaboratioun an ech zitieren nach eng Keier de Gesetzestext: «...ayant pour but exclusif de faciliter et de développer l'activité économique de ses membres». Wiederhin huet dës Gesellschaftsform d'Personnalité juridique mat all deene Konsequenzen a Garantien, déi dat mat sech bréngt. Schlussendlech seet d'Gesetz vun 1991 expressis verbis, datt de GIE och vu Personnes morales de droit public ka gegrënnt ginn. All dës Elementer suerge fir Rechtssécherheet. D'Voraussetzung bestinn also, datt de Groupement d'intérêt économique seriö an effikass mat de Verwaltungen a besonnesch mam Enregistrement zesumme schaffe kann.

Ech sinn also der Iwwerzeegung, datt mer e modernt Gesetz hei wäerte kréien. Et rationaliséiert a vereinfacht déi administrativ Prozeduren am Beräich vum Handels- a Gesellschaftsregister an domat dréit et dozou bäi, fir déi wirtschaftlech Attraktivitéit vun eise Land ze consolidéieren, jo esouguer nach weider auszubauen, an ech géif dofir och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

**M. Jean-Pierre Klein (LSAP).** - Här President, Dir Damen an Dir Hären. Merci dem Rapporteur fir seng gutt Bericht zu dësem voluminösen a wichtige Projet de loi.

D'Reform vum Registre de Commerce et des Sociétés, do dernieft d'Ofännerung vun anere Bestëmmungen, déi de Commerce betrëfen, viséiert, fir d'Gesetz vun 1909 ze ersetzen, ural Bestëmmungen, déi säit 1909 dës öfteren ofgeännert gi sinn, e Gesetz, dat den heitege Besoinen net méi entsprécht, besonnesch duerch dat massiivt Zouhuele vu Betriber a Gesellschaften an de leschte Joren an duerch d'Entwécklung vun den neien a modernen Technologien.

Am Sënn vun der Transparenz, déi jo an der Publizitéit vun den Donnéeën besteet, ginn zukünfteg net nëmme Kommersanten an Handelsgesellschaften an de Register agedroen, mä ënner anerem och A.s.b.l.en, Fondatiounen, Stats- a Gemengen Etablissements publics.

Wat déi zukünfteg Zuel, Diversitéit an Donnéeën vun den Aschreiwungen ubelaangt, kritt de Register vill méi eng grouss Bedeitung an déi Leit, déi e solle gëréieren, kréien

nach méi eng grouss Verantwortung, wéi dat bis elo schonn de Fall war. Am Fong verfollegt de Projet de loi dräi Ziler:

Méi Effikassitéit fir de Register duerch d'Verstäerkung vun der Obligatioun vun enger bestänneger Mise à jour, besonnesch bei den individuelle Geschäftsleit, och bei de Gesellschaften, wat bis elo ganz oft de Fall net war. D'Servicer, déi bis elo de Register gëréiert hunn, ware ganz schlecht équipéiert. Et huet alles musse manuell gemaach ginn. Vu Computertechnik keng Spuer, wat an engem Land wéi Lëtzebuerg jo awer lamentabel ass, a wou scho laang am Kader vun der Réforme administrative un der Informatisation gedoktert gëtt, ouni awer déi gewünschte Resultater. Duerch dat neit Gesetz soll dat elo, hoffentlech, änneren.

De Wee, fir d'Aschreiwungsformaliteiten ze erleedegen, soll den Interessente méi kuerz a méi einfach gemaach ginn, duerch d'Schafe vun engem Guichet unique, wou ee kann all Formaliteiten erfëllen. Bis elo ass et jo esou: Fir d'éischt bei den Enregistrement, fir d'Tax ze bezuelen an ze enregistrieren. Dann no e puer Deeg den Dépôt vun de Piëcen, sief et bei Androungen, Neiandroungen, Modifikatiounen vun de Statuten oder den Dépôt vun de Bilanen op dem Tribunal d'arrondissement. Do waarden dann d'Leit an der Rei, bis se bäikoume bei engem Fonctonnaire, dee mat Aarbecht iwwerlaascht ass, deen dann déi enregistriert Piëcen unhëllt an da seng Aarbecht bis un d'Enn féiert. Dat soll, wéi gesot, elo änneren duerch d'Schafung vun engem Guichet unique, wou am Virfeld déi betrafte Chambres professionnelles de Geschäftsleit behëlleflech sinn.

Den zweeten Objektiv vun dësem Gesetz: d'Schafung vun enger Centrale des bilans an eng etappeweis Aféierung vun engem harmoniséierte Plan comptable national fir d'Entreprises. D'Zentralisatioun vun dësen Donnéeën an d'Informatiounen sollen dem Public an den Administratiounen zougänglech gemaach ginn. Dës Zentralisatioun vun den Informatiounen gëllt souwuel fir déi physisch wéi fir déi moralesch Persounen, alles am Sënn vun der Transparenz.

Déi drëtt d'Zilsetzung: d'Verstäerkung vun de Konditiounen bei der Ausstellung vun der Genehmigung, fir sech ze etablieren. Besonnesch bei der Iwwerpréifung vun der Honorabilitéit vun den Demandeuren a wat hir vergaange kommerziell Aktivitéiten ubelaangt, souwuel als individuelle Kommerçant, wéi och als Verantwortlechen an enger kommerzieller Gesellschaft. Dat gëllt och fir d'Iwwerwaache vun de Betriber, fir de frauduleusé Faillité virzebeugen, wou a bedenkeleche Situatiounen de Minister vun de Classes moyennes gegebenefalls eng Autorisation de commerce kann zrëckzéien. Dës méi streng Dispositionen, par rapport zum aktuelle System, ergi sech aus Feststellungen a Considératiounen, déi schonn den Här Jeannot Krecké a sengem Rapport iwwert d'Fraude fiscale hei zu Lëtzebuerg gemaach huet, an zwar am Kapitel iwwert d'Faillites frauduleuses.

Ähnlech Iwwerleeungen huet de Conseil économique et social gemaach am Joer 1999 bei senger Stellungnahm zum Bericht iwwert d'Laag vun der Natioun. Dës nei Virschreife sinn am Intérêt vun de Créancieren, besonnesch deene klänge Créancieren, déi a ville Fäll als Créancier chirographaire a Konkurrenz mat de privilegiéierte Créancieren eidel ausgaange sinn, wat fir si fatal Konsequenze konnt hunn.

D'Zilsetzung vun dësem neie Gesetz kann ee generell guttheeschen. Transparenz, Publizitéit, Moosnamen am Geescht vun der Kommoditéit fir d'Geschäftswelt, vun den Associatiounen, manner

Schikane bei hirer Androung, manner Fräen, méi Sécherheet bei der Ausstellung vun der Autorisation de commerce a méi Garantie fir d'Créancieren. Dat sinn Elementer, déi ee ka mat béiden Hänn ënnerschreiw.

Et ass bekannt an och unerkannt, dass de Service vum Registre de Commerce et des Sociétés e Service public ass. Dat ergëtt sech aus sengen Attributiounen, sengem Zweck, senger Organisatioun a sengem Fonctionnement. An dësem Fall assuréiert de Service public och d'Verwierklechung vun enger Missioun, déi am allgemengen Interesse ass, an zwar am Intérêt vun enger bestëmmter wirtschaftlecher Kategorie vun Acteuren.

E behandelt den État civil vu Geschäftsleit, Handelsgesellschaften an anere Gruppéierungen. D'Fro, déi sech stellt ass: Wie soll dës Service ausféieren? Wie solle mer dermat chargéieren? De Stat selwer, eng ennergeuerdent Organisatioun oder e Privatorgan? Dat ass iwwerhaupt eng Fro, déi eng Keier misst fundamental geléist ginn an enger Debat iwwert de Service public an d'Organismen, déi beruff sinn, fir déi verschidden Déngschtleeschungen auszeféieren.

**(M. Jean Asselborn prend la Présidence)**

D'sozialistesche Fraktioun bekennt sech däitlech zum Prinzip, datt d'Organisatioun an de Fonctionnement vum Service public musse vun der classescher öffentliche Verwaltung duerchgefouert ginn. Dat ass de Prinzip. Ausnahmsweis kënnen nëmmen aner Organisme mat esou Missiounen befaasst ginn. An engem rezenten Avis huet de Statsrot sech an deemselwechte Sënn ausgedréckt an huet gesot: „Il échet d'empêcher que des tâches purement administratives relevant du rôle classique de l'Etat ne soient à la légère transférées ou confiées à de nouveaux établissements publics.“

Déi Aarbechten an Déngschter, déi beim Registre de Commerce et des Sociétés ausgefouert ginn, si reng administrativer Natur a betreffen den Enregistrement vu Persounen, physischer a moralescher, hir Identitéit, hire Gebuertsdatum, hiren Domicile, hir finanziell a wirtschaftlech Situatioun, wat hire Commerce ubelaangt. Sou Aktivitéiten sollen am Aarbechtsberäich vun der classescher Staatsverwaltung bliw. Vereedegt Fonctonnaires an öffentlech Beamte sollen déi Aarbechte maachen. Sou wéi den Déngscht vun den Hypothéiken an den État civil. Mir wieren eis géint d'Auslagerung vun esou wichtige Service-publicen aus den Hänn vun der classescher Staatsverwaltung. De Registre de Commerce et des Sociétés dierf net ënner d'Regie vun engem Groupement d'intérêt économique kommen, souguer ënnert der Autoritéit vum Justizminister. E muss an der classescher Staatsverwaltung bliw. wéi dat bis elo de Fall war, mä ënner besserer Konditiounen, wat jo awer muss méiglech sinn.

An dësem Projet de loi war dat esou virgesinn. Dat war eng gutt Approche. De Gestionnaire vum Registre de Commerce sollt den Enregistrement ginn. An där Verwaltung war virgesinn, fir de Guichet unique unzuleeën. Dat wier an eisen Ae perfekt ginn. D'Chambres professionnelles hunn dat net kontestéiert an hu fir hir erugezunne Maarbecht am Viraus merci gesot.

Den Enregistrement war scho prett, préparéiert a besonnesch motivéiert, fir an déi Richtung matzegoen. E Groupe de travail war agesat ginn, fir de Fonctionnement ze organiséieren a sollt sech an der Schwäiz an a Spuenien informéieren, wou dës Service op deemsel-

wechten Niveau beispillhaft fonctionnéiert. Et war esou ausgerichtet, datt dat Ganz sech iwwer Internet ofgewéckelt hätt. Den Enregistrement hat sech scho vill Méi gemaach, andeem en e Projet op d'Bee gesat hat, wéi dat hätt kënnen fonctionnéieren, an zwar no dem Beispill vum Hypotékendéngscht, dee gutt leeft, a wou kee Mënsch dergéint reklaméiert. Et war och schonn eng Formatioun an eng Formation continue fir déi responsable Leit virgesinn. De Service sollt käschtedeckend ouni Benefiss, wéi och an anere Länner, bedriwwen ginn.

D'Iddi, fir den Enregistrement mat dësem Service ze beoptragen, ass awer vun der Regierung fale gelooss ginn, a se huet décidéiert, fir zu deem Zweck e Groupement d'intérêt économique ze schafen, deen dee Service soll bedriw. Dës GIE ass schonn um Enn vum Joer 2000 gegrënnt ginn, also laang virun haut, wou d'Chamber soll iwwer e Projet de loi befannen, deen dës GIE virgesäit. D'Chamber gëtt also vun der Regierung virun de Fait accompli gesat an dat géint d'Meenung och vum Conseil d'Etat. Dat ass e Schlag an d'Gesicht vun der Enregistrementsverwaltung, Mësstraue géint iwwer dës Verwaltung, Mësstraue géint iwwer der Fonctioun publique, déi dës Service hätt kënnen mat gutt équipierten a forméierte Leit ausféieren, an Zesummenaarbecht mat den zoustännge Chambres professionnelles.

Hei ass e Beispill, wéi een d'Fonction publique sech kann dégradéieren loosse a sech net drëm beméit, fir se mat Ressources humaines a mat Material ze équipéieren, an et décidéiert een, fir d'Exekutioun vum Service un e Privatorganisismus ze iwwerdroen. Dat ass weder am Intérêt vum Service public selwer, nach am Intérêt vun der Fonctioun publique. Dofir, Dir Damen an Dir Hären, stëmmt eis Fraktioun dës Projet de loi net.

**Une voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Här Klein. Nächst Riednerin ass d'Mme Durdu.

**Mme Agny Durdu (DP).** - Här President, Dir Damen an Hären, mam Gesetzesprojet, deen eis virläit, solle mer de Registre de Commerce moderniséieren. Dat war am Fong geholl den Haaptausgangspunkt, dee mer eis zum Zil gesat hunn, an dee mer probéieren mat deem heiten Text ze viséieren. Fir d'éischt wéilt ech dem Rapporteur merci soe fir säi schréfflechen a mündleche Rapport, deen en ofgeliiwert huet, a fir déi ganz neutral Aart a Weis op déi en e virgedroen huet a wéi e probéiert huet, d'Problematik ze ëmraissen an där Zäit, déi him virgeleeën huet.

Firwat déi Reform vum Registre de Commerce? Wat war d'Ausgangspositoun? Si ass ewell vun aneren Orateuren hei virgedroe ginn, an dofir kann ech se nëmmen nach eng Keier rappeléieren.

Et gouf e Registre de Commerce zu Dikrech an et gouf een hei an der Stad. Den Dikrecher Registre hat manner Demanden, déi bei en erakomm sinn. Dee Service, deen natierlech op déi nämlech Aart a Weis organiséiert war, wéi hei an der Stad, huet gutt fonctionnéiert, sou dass de Besoin, fir zu Dikrech am Fong geholl ze reforméieren, sech an deem Sënn manner imposéiert huet. De Contraire war de Fall hei an der Stad, an ech mengen et gëtt der etlech heibannen, déi d'Situatioun do besser kennen an déi woussten, dass de Registre de Commerce hei an der Stad op déi Aart a Weis, wéi en organiséiert a fonctionnéiert huet, einfach de Besoin vum der Zäit net méi gewuess war. Et war wierklech mat ganz vill Bravour, wou do nach de Fonctionnement assuréiert gouf.

Et ass also net fir näischt, dass d'Regierung an der Mëtt vun den 90er Joren eng Etüd maache ge-

looss huet, fir ze kucke, wat d'Problemer vum Registre de Commerce sinn. Wéi muss een e besser organiséieren a wéi gesäit et um internationalen Terrain aus?

Bei der jëtzege Regierung ass dunn déi Solutioun erauskomm, déi mer hei haut debattéieren, an zwar, dass de Registre de Commerce virun ënnert der Autoritéit vum Ministre de la Justice steet an dass en eben organiséiert gëtt op déi Aart a Weis, déi elo well méi eng Keier heibannen ugeschwat ginn ass, iwwer e Groupement d'intérêt économique, wou de Stat, wou d'Chambre des Métiers a wou d'Chambre du Commerce representéiert sinn.

U sech wéilt ech nach eng Keier ënnersträichen, wat den Här Mosar virdru gesot huet: Mir stinn hei net eleng mat esou engem Projet. An der Belsch, an Italien, also an Nopeschlänner, gëtt et sou ähnlech Projeten, fir op méi modern, géing ech mol soen, Verwaltungen zrëckzegräifen, op eng méi modern Aart a Weis vu Verwaltung zrëckzegräifen, fir de Registre de Commerce ze organiséieren.

An elo kënn dann natierlech déi Problematik, déi vu mengem Virriedner opgeworf ginn ass, fir ze soen, mä dat ass eng Privatisatioun a mir sollen dovunner eis Fanger ewechloossen. Ech mengen, wann een den Artikel 2 vum Gesetz liest, ass et ganz kloer, dass nach ëmmer de Ministre de la Justice d'Autoritéit iwwert de Fonctionnement vum Registre de Commerce huet an dass dee Groupement d'intérêt économique besteet aus dem Stat, der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, selwer zwou Chamberen, déi en Établissement d'utilité publique sinn, sou dass et keng, a mengen Aen, classesch Privatisatioun ass. A wéi gesot, vu dass aner Länner op ähnlech Weeër gaange sinn, a bis ewell gutt Erfahrungs mat deene Systemer gemaach hunn, fannen ech et eng interessant Aart a Weis, fir op dës System zrëckzegräifen.

Déi zweet grouss Neierung, déi an dësem Projet de loi gemaach gouf, an déi och ewell vu menge Virriedner ugeschwat ginn ass, ass ze probéieren, eng Normalisatioun vun den Donnéeën, déi erakommen op dee Registre de Commerce, ze erreechen. Och hei confirméiere mer eis am Fong geholl, well bis ewell och zu deen Emännerungen, déi um europäeschen Niveau duerch eenzel Direktiven an eis Sociéitégesellschaft eragefouert gi sinn - et ass virdru vum Här Meyers ugeschwat ginn -, Dérogatiounen zu deenen Exigenzen, déi an dësem Gesetz enthalen sinn, konnte beim Minister Frieden nogefrot ginn. Mä, ech mengen, et ass gutt, dass eng Normalisatioun bei dësem Gesetz agefouert gëtt, well et méi einfach gëtt, fir eng Iwwersiicht iwwert d'finanziell Situatioun vu gewësse Gremien a Gesellschaften ze kréien. Dës war am Fong geholl déi zweet grouss Ersetzung, där sech dës Gesetz ugehall huet.

Ech wëll nach eng Keier ënnersträichen, dass eng aner Neierung, déi agefouert ginn ass, déi ass, fir méi juristesche Formen a Gesellschaftsformen duerch dës Gesetz ze eraassen. Et geet elo net méi nëmmen, dass déi sechs Formen vu Sociéitéiten, déi mer kennen, enregistriert ginn, mä doriwwer eraus och sou munch aner Organisatiounen, wéi zum Beispill d'Associations agricoles, d'Etablissements publics an d'Associations épargne-vie. Ech mengen, och dat ass eng gutt Démarche, wéi d'Praxis eis et wäert weisen.

D'Abanne vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce, emfanne mir als eng positiv Aart a Weis, fir un eng Modernisatioun vum Registre de Commerce erunzegoen. Besonnesch well et hir Membere sinn, déi un engem gutt fonctionnéierende Registre de Commerce interesséiert sinn, a si



op déi heiten Aart a Weis an d'Verantwortung abënnt, fir dass dëst Gremium méiglechst gutt fonctionnéiert.

Zum Ofschloss wëllt ech Folgendes soen: Ech sinn der Meenung, dass et eng interessant Aart a Weis ass, fir eise Registre de Commerce op dës Aart a Weis ze reforméieren. D'Diskussiounen, déi mir an der Commission juridique gefouert hunn, hu bewisen, dass dës Matière, déi vläicht a priori fir sou muncher een drëschen ass, ganz interessant a wichteg ass fir d'Leit, déi domat schaffen.

Et ass net auszuschléissen, dass mir konkret Problemer bei der Ëmsetzung vun dësem Gesetz begéinen. Et wär falsch ze mengen oder ze behaupten, mir hätten all Problemer, déi sech an deem Beräich kéinte stellen, gesinn, an dowéinst wär et wichteg, dass een dëst Gesetz bei der Ëmsetzung ganz genau verfolgegt, an dass een och no engem Joer, oder no annerhalwem Joer, eng Evaluatioun vun deem mécht, wat sech als positiv a gutt erweist. A wann een an d'Praxis Problemer begéint, da sollt ee sech och net scheien, fir déi Mesuren ze ënnerhuelen, déi et erméiglechen, déi néideg Reformen am Intérêt vun eise Gesellschaften ze maachen. Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Merci, Mme Durdu. Deen nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, dir Dammen an dir Hären, fir d'éischt e grouss Merci un de Rapporteur, deen ons a sengem schrëftlechen a mëndleche Bericht ganz vill nützlech Informatiounen geliwwert huet. E Wuert zu éischt zur Form vum Gesetz.

Ech muss soen, dass mir haut eppes Originelles hei wäerte stëmmen, well mir een Text vum Gesetz hunn, wou ongeféier 2/3 vum Text elo schonn an onser Gesetzgebung besteet. Dat ass anscheinend gemaach ginn, fir méi Liesbarkeet an deem neie Gesetz ze hunn. Ech mengen, dass en Text coordonné vläicht datselwecht Resultat bruecht hätt. Ech fannen de Prinzip selwer net esou gutt, wéi wann een higeet an déi Modifikatiounen, déi effektiv an engem Gesetz solle stattfannen, ervirsträicht, an net Texter iwwerhéilt, déi schonn an engem Gesetz bestinn. Dat waren hei alleguerten déi Dispositiounen iwwert d'Kontabilitéit, oder e groussen Deel dovun.

Den éischte wichtegen Deel vum Gesetz ass dee vum Schafe vum Registre de Commerce, ënnert der Form vun engem Groupement d'intérêt économique. Ech muss lech éierlech soen, Här Minister, dass, wann een e Verglach mécht, also virum Dezember 2000, wou de Registre de Commerce nach ënnert dem ale Regime geschaff huet, tëschent deem wéi et fréier war a wéi et haut ass, da muss ee soen, dass et eng ganz staark Verbesserung ass. An dass um Wee, fir e bësselche méi privatrechtlech Gestiou an dat Ganzt ze bréngen - ech wëll net d'Wuert Privatiséierung gebrauchen, well dat eng S.A. oder eng S.à.r.l. beinhaltet hätt, ma well awer mam selwechte Geescht operéiert ginn ass - d'Resultater do awer positiv sinn.

Wéi de Regëster total fonctionnariéiert war, hunn een, zwee Leit d'ganz Aarbecht gemaach, déi puer aner hate meeschtens e Contrat d'aide temporaire. Fir dës Leit waren 3 Méint Zäit néideg fir se ze forméieren, a wéi se da gemierkt hunn, dass se net onbedéngt géingen eng fest Ustellung kréien, ass net méi vill geschaff ginn. Dëst huet zu ganz ville Schwierigkeeten am Registre de Commerce gefouert.

D'Clients, dat heescht alleguerten déi, déi iergendwéi hu missen op de Registre de Commerce zréckgräifen, hu sech iwwert d'Délaië geiergert bis iwwerhaupt eppes

enregistréiert konnt ginn. Si hu sech nach méi geiergert iwwert d'Délais de publication. Dat Ganzt huet héiansdo sechs, siwe Méint gedauert. Dat ass inacceptable op enger Bankeplaz. Dat ass inacceptable an engem Land. Dat ass net méiglech, wa mir hei wëlle Gesetzer respektéieren, a wann et op eng Kéier administrativ net méi geet.

An zënter dass mir op deen neie Wee gaange sinn, muss ee soen, dass sech eng ganz staark Verbesserung realiséiert huet, an dass d'Satisfaktioun bei alle Leit steigt. Dach muss ee soen, Här Minister, dass Dir nach eppes Klengs kënnt besser maachen, an dat ass ze kucken, dass tëschent dem Dépôt an der Publikatioun am Mémorial, d'Délaië nach e bësse verkierzt ginn.

Déi zweet wichteg Saach ass, Här Minister, - an dat ass vum ADR aus eng Fro an eng Fuerderung un lech - dass mir en Accès zu deem Registre de Commerce iwwert den Internet erlaben, an dat an senger Intégralitéit. Dat ass esou an allen Nopeschlänner. Et ass och absolut wichteg, dass all Utilisateur, dass jiddferen an dee Registre, dee public ass, kann nokucke goen, wéi d'Situation comptable a bilantaire vun den eenzelne Betriber ass, wien an de Conseil d'administratioun an an den Direktiounen ass, a wien den Droit de signature huet.

Déi Donnéeë sinn absolut wichteg, wann ee wëllt Transparenz hunn, an et muss net esou sinn, dass all Kéiers, wann ee wëllt een Dokument kucke goen, een da muss zu bestëmmte Stonnen an de Registre de Commerce goen an da kritt een do d'Donnéeën an därer dra wullen. Et ass esou net méiglech, fir eng Kontroll ze hunn, ob net een en Dokument mat ewechhéilt oder échangéiert. Bref déi ganz Situation ass ablécklech an hirem Fonctionnement net gutt. Et muss verbessert, et muss moderniséiert ginn, an dat ass eng Fro vun ons un lech, Här Justizminister, ob d'Regierung wëllt op dee Wee goen, an et ass och eng Fuerderung vun eis, fir dass d'Regierung soll op dee Wee goen.

Da muss een och begrëssen, dass am Gesetz e puer Neierungen dra sinn, déi gutt sinn. Niewent der Aféierung vun engem Groupement d'intérêt économique, ass och de Fait, dass alleguerten d'Etablissements publics elo mussen am Registre de Commerce ugefouert ginn. Och dat hat zu Debatte gefouert. Mä mir mengen, bei der Vielzahl vun Etablissements publics, déi am Laf vun de leschte Joren am Ministère de la Famille an an der Santé geschafe gi sinn, dass et awer bluttnoutwenneg ass, dass och emol d'Deputéierten, an och emol de Public dobaussen, an heiansdo esouguer d'Regierung mol weess, wéivill Etablissements publics se iwwerall dorueter huet.

Wann ee Questions parlementaire stellt, an et freet een, wéivill Etablissements publics hunn d'Ministèren, da kritt ee keng Antwort, well verschidde Ministèren - ech hunn nach eng Question parlementaire offe stoen säit véier Méint -, ënnert anerem de Ministère de la Famille, net à même sinn, fir mir eng Lëscht ze gi vun den Etablissements publics, déi se ze verwalten hunn. Dat wär am Kader vun den Debatte iwwert d'Marché-public-Gesetz interessant gewiescht, fir dat eng Kéier nozevollzéien,

**M. le Président.-** Här Deputéierten, entschëllegt, mir si beim Registre de Commerce.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Jo ech weess, mä beim Registre de Commerce, Här President, geet och iwwert d'Etablissements publics Rieds, an ech wollt dat just mat ervirsträichen.

**(Interruption)**

Mir wëllen der Regierung hëllefen, fir e bëssen Uerdnung an hir Dossieren ze kréien. Ech wollt begrëssen, dass eng grouss Unanimitéit an deem Sënn war.

**(Interruption)**

Gesitt Dir, et muss een heiansdo hëllefsbereet sinn. Mir müssen an der Opposition ëmmer positiv denken, anstatt negativ.

Bei der Kontabilitéit vun de Betriber ass et och wichteg, dass mir dat elo kréien, wat een nennt e Plan comptable. Dat heescht, dass all Betriber elo mussen nom selwechte Schema hire Bilan déposéieren. Dat erlaabt d'Schafe vun enger Centrale des bilans, an och d'statistescht Auswäerte vun deenen Donnéeën, wat bis elo net méiglech war, well do nach zevill Variatiounen erlaabt waren.

D'Betriber müssen och hire Bilan bis de Juli vum Joer duerno déposéieren, an dat wäert fir verschidde Kontabilitéitsgesellschafte Problemer an de Méint August bis Dezember stellen. Mä ech mengen, dass ee vläicht kann hoffen, dass dat net dozou féiert, dass an deenen anere Méint net geschaff gëtt, mä dass se sech un contraire vläicht virschaffen, fir d'Problemer ze léisen. Et ass ee Problem, deen awer huet misse geléist ginn, well et kann ee jo net zouloossen, dass d'Bilanen iwwert ee Joer duerno déposéiert ginn.

Dann d'Akraaftriede vum Gesetz. Do hu mir e puer Dispositiounen an der Commission juridique zréckbehalen. Mir hate mat enger Dispositioun vun der Entrée en vigueur bësse Schwierigkeeten, an zwar fir d'Entrée en vigueur vum Gesetz op den 1. Januar 2005 festzesetzen, zumindest wat een Deel vun den Dispositiounen ugeet.

Ech mengen, dat ass e bësse laang, well dat zitt da mat sech, dass verschidde Kontabilitéitsgesellschaften, verschidde Betriber nach ze vill laang kënne mat deem ale System fueren, sou dass souguer heiansdo a verschiddene Kontabilitéitsgesellschafte muss mat zwee Systemer weidergeschaff ginn. Ech mengen, et wier besser gewiescht, wann et méi séier gaange wier. Ech mengen, dat ass awer kee Grond fir ons, fir elo géint d'Gesetz ze stëmmen. Et ass just eng méi kritesch Bemierkung.

Ech wëll drop hiweisen, dass et nach e weidere Problem gëtt mat der Entrée en vigueur op den 1. Januar 2005. Dat ass, dass mer viraussichtlech schonn e Joer duerno d'Gesetz nach eng Kéier müssen änneren, an zwar op den 1. Januar 2006, fir d'Kontabilitéit ze änneren, an d'Kontabilitéitsmoossnamen, déi déi Betriber ugin, déi an der Bourse cotéiert sinn. Dat sinn der vläicht net vill, mä et sinn der awer e puer, well déi müssen no den neien europäeschen Direktiven eng aner Form vu Bilan déposéieren, sou dass mer innerhalb vun engem Joer dann nees erëm eng nei Ännerung kréien.

Ech wollt dat just nëmmen ervirsträichen. Duerfir soe mer awer nach, dass dat hei e gutt Gesetz ass, notamant duerch d'Schafe vun engem Groupement d'intérêt économique. Ech fuerderen nach eng Kéier d'Regierung op, dass se den Accès zum Registre de Commerce iwwer Internet erméiglecht. Dat gesot, wäert den ADR dëst Gesetz stëmmen.

**M. le Président.-** Merci, Här Henckes. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech wäert mech relativ kuerz kënnen halen. Ech wëllt eis Absten-tioun par rapport zu dësem Projet motivéieren, dat haaptsächlech dowéinst, well mer mat där Form,

déi gewielt ginn ass vum Groupement d'intérêt économique, net averstane sinn. An deem Sënn kënne mer eis un déi Aussoen, déi den Här Klein virdu gemaach huet ralléieren.

Dës Approche ass net déi initial Approche vun der Regierung gewiescht. Am Ufank war gesot ginn, dass dee Regëster sollt innerhalb vum Enregistrement fonctionnéieren. Dunn awer sinn op eemol Amendementer dozou komm. Mir froen eis e bëssen, firwat dass do d'Richtung gewieselt ginn ass? Mir si jiddefalls fundamental der Meenung, dass Institutiounen, déi esou en administrativen an informativen, a virun allem awer och normative Charakter hunn, wéi e Registre de Commerce, net a Privathänn gehéieren, mä dass esou Saache müssen d'Aufgab vum Stat bleiwen.

Dat steet, eiser Meenung no, net am Widdersproch zur Noutwennegkeet vun enger Reform vum Registre de Commerce an zu enger Moderniséierung, déi sécherlech dréngend noutwenneg ass, och net zur Approche, fir a Richtung vun engem Guichet unique ze goen. Ech wëllt vläicht do d'Analogie hierstelle mat de Gemengen, vun deenen der jo eng Rei mëttlerweil amgaange si Biergerämter a Guichets uniques ze schafen. Et sinn der och eng Rei amgaang, op de Wee vun der Informatiséierung ze goen. Dat bréngt se awer net op d'Iddi, fir hiren État civil oder aner Beräicher vun hirer Administratioun ze privatiséieren.

Wat pikant ass an där Saach, dat ass, dass e ganze Beräich vun der Informatik weiderhi wäert an der Hand vum Centre informatique de l'État bleiwen, deen déi informatesch Applikatioun weiderentwéckelt, déi gebraucht gëtt. Et kann ee sech also d'Fro wirklech stellen, wou de Sënn vun där Entscheedung hei ass.

Mir menge jiddefalls, dass esou eppes muss staatlech organiséiert ginn, dass eng Administratioun wéi de Registre de Commerce muss dynamiséiert ginn. Sécherlech drängen sech do Reformen op, déi een iwwerens och am grouss Kader misst gesi vun der Réforme administrative, amplaz dass déi Beräicher dann einfach an de Secteur privé ofgi ginn. Dat schéngt eis eng Facilitéitslösung ze sinn, wou mer net kënnen op dee Wee matgoen.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

D'Fro jiddefalls gëtt net kloer beäntwert, firwat dass mer an déi Richtung gaange sinn? Tatsaach ass awer, dass dee Groupement d'intérêt économique schonn zënter bal zwee Joer besteet. Och dat, Här President, schéngt eis eng speziell Praxis ze sinn an ënnersträicht nach méi déi Approche, déi mir gewielt hunn, fir eis bei dësem Projet de loi ze enthalen.

**M. le Président.-** Merci, Madame Wagener.

Den Här Urbany ass dee leschten ageschriwwene Riedner. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

**M. Serge Urbany (dél Lénk).** - Här President, scho wéi den Handels- a Firmeregister 1987 fir d'lescht enger gréisserer Reform ënnerzu ginn ass, gouf kritiséiert, dass keng Plaz fir d'Informatik géif geschafe ginn. De Personal-mangel, deen um Greffe vum Tribunal herrscht, gouf och kritiséiert. Un där Situatioun huet sech an deenen 15 Joer, déi zënterhier vergaange sinn - a verschidde Regierungen sinn dorunner bedeelegt - näischt geännert.

Zënterhier ass awer eng grondleggend Richtungsännerung ënnert där neier Regierung vollzu ginn, déi op eng symbolhaft Aart a Weis en déiwe Schnëtt am bisherege Verständnis vum Funktionement vum Stat a vu senger Souveränitéitsfunktoun virhëlt. D'Gestioun vum

Registre de Commerce soll enger privatrechtlecher Gesellschaft, engem sougenannte Groupement d'intérêt économique, iwwerdroe ginn, dee schonn zënter zwee Joer besteet a schafft, nach ier d'Chamber déi Ausrichtung ratifizéiert huet.

Wat ass d'Aufgab vum Registre de Commerce? Den Handels- a Firmeregister organiséiert d'legal Publicitéit vun de Commerçanten a vun de Gesellschaften. Hei muss alles agedroe ginn, wat fir déi Leit wichteg ass, déi mat deene Geschäfte ze dinn hunn, vun de perséinlechen Donnéeën, iwwert d'Gesellschaftsform, déi verantwortlech Géranten, d'Enseigne commerciale, den Objet commercial, d'Kapital, bis zu den Donnéeën iwwert d'Heiratsvertrag an natierlech iwwert d'Opléisung vun de Gesellschaften, grad esou wéi all Joer den Dépôt vun de Konten. Dobai sollen nach kommen duerch dat heite Gesetz d'Donnéeën iwwert d'Handelermächtigung, d'TVA-Nummeren oder den ekonomesche Code.

De Registre de Commerce gëtt also bestätegt als déi zentral Plaz, wou d'Informatiounen aus der Ökonomie zesummelafen, wou all Biergerin a Bierger, awer och d'Gerichter an d'Verwaltungen, sech informéiere kënnen. De Registre de Commerce spillt eng wichteg Roll bei der Criminalité économique, bei de Failliten, bei kommerziellen an zivile Prozesser. D'Inskriptioun am Registre de Commerce ass zum Beispill eng Condition de recevabilité vun den Actions en justice vun de Geschäftsleit a vun de Gesellschaften. Um Spill sti ganz dacks wichteg Interesse vun Aarbechter an Ugestallten, déi op hir Pai waarden, a vun anere Créancieren.

Et gëtt vill vu frauduleusë Faillité Rieds. Ëmmer déiselwecht Personagen organiséiere Failliten zum Leidwiese vun hire Créancieren. Et ass bekannt, dass dogéint vu Saite vun de Curateuren a vun de Gerichter weineg ënnerholl gëtt, och well d'Informatiounsquelle feelen. Eng wichteg Informationsquell, souwuel fir d'Créancieren, wéi fir de Parquet économique zum Beispill, wier eng informatiséiert Recherche um Numm vun de Persounen, déi majoritär Teilhaber oder Administrateur vu Gesellschaften sinn.

Här President, déi Donnéeë vum Registre de Commerce si prinzipiell öffentlech zougänglech. Doranner besteet hiren Zweck jo. Et stung am ale Gesetz: „Le registre de commerce et des sociétés est public. Communication peut en être prise par toute personne aux heures de service. Toute personne peut également se faire délivrer une copie à ses frais et la faire certifier conforme.“ Am neie Gesetz steet nëmmen nach just e wier public an den Accès soll iwwer e Règlement grand-ducal geregelt ginn. D'Gratuitéit vum Accès, zum Beispill, ass net méi an deem neie Gesetz virgesinn. Et läit och kee Projet vir fir e Règlement grand-ducal. Duerfir ass meng Fro un de Minister: Wéi soll dat geregelt ginn? Muss een an Zukunft zum Beispill bezuelen, wann een iwwer Internet an de Registre de Commerce kucke goe wëllt?

Da steet näischt dran iwwert déi Méiglechkeet vun enger Recherche nom Numm oder no aneren Donnéeën vun där Banque de données, déi et géif erlaben, fir eng Recherche ze maachen iwwert d'Géranten oder iwwert déi majoritär Teilhaber vu Gesellschaften. Wéi soll dat zum Beispill geregelt ginn an deem Règlement grand-ducal, deen d'Regierung bestëmmt scho virbereet huet?

Mer stellen also fest, dass wesentlich Froe vum Funktionement vun deem neie Registre de Commerce dem Afloss vum Parlament entzu ginn.



De Registre de Commerce gëtt jo organiséiert am öffentlechen Interesse, als öffentliche Publikations- a Kontrollorgan vun den ekonomeschen Aktivitéiten. Et ass e wesentlech Element vum Ordre public a vum Intérêt public, représentéiert duerch de Stat.

D'gesetzlech Definitiou vum engem Groupement d'intérêt économique ass awer eng ganz aner. Ech zitëieren aus dem Gesetz - den Här Rapporteur huet et och scho gemaach - : „a pour but exclusif de faciliter ou de développer l'activité économique de ses membres, d'améliorer ou d'accroître les résultats de cette activité“. Membere sinn déi zwou Patronatskummen: d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers, als majoritär Teilhaber iwwregens vun där Gesellschaft niewent dem Stat.

Hunn d'Chambres professionnelles als Établissements publics iwwerhaupt eng ekonomesch Aktivitéit, wëll ech hei emol d'Fro opwerfen? Huet de Stat prinzipiell eng ekonomesch Aktivitéit, déi ëm et géif erlaben un esou enger Gesellschaft deelzehuelen, fir seng ekonomesch Aktivitéit domadder besser kënnen ze développéieren?

Dat schéngt alles guer net de Fall ze sinn, dat ass déi falsch juristesche Form déi hei gewielt ginn ass. Et ass net nëmmen inhaltlech kritikabel, wat hei gemaach gëtt, mä ech mengen, dass et och nach reng juristesche, vun der Form hier, dat inadäquatst Instrument ass, wat een hätt kënnen sichen, fir esou eng Aktivitéit ze organiséieren. A wa gesot gëtt, der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers hir Clientèle wäert jo d'Haaptutilisateure vum Registre de Commerce, da muss ech mech froen, wann dat an Zukunft de Kritär ass fir d'Gestioun vu staatleche Verwaltungen, da kënnen jo elo geschwënn d'Führerschäinsbesëtzer den Transportministère iwwerhuelen, an d'Steierzueler d'Steierverwaltung.

Här President, ech sinn iwwregens och der Meenung, dass den Enregistrement net déi gëeegent Plaz gewiescht wier, fir de Registre de Commerce unzesidelen, wéi déi virecht Regierung dat virgesinn hat, an domadder eigentlech de Grondsteen geluegt huet fir deen heite Virstouss, an deem se wichteg juristesche Notiounen matenee verwiesselt huet.

De Registre de Commerce ass jo net fir näischt ee Jorhonnert laang bei de Gerichter ugesidelt gewiescht. Et handelt sech hei ëm den Traitement vu sensiblen Donnéeën, wou verschidde Législatiounen eraspillen, wou Notiounen net nëmmen aus dem Droit administratif, mä och aus dem Droit commercial an dem Droit civil eraspillen. Et war awer och an engem gewësse Mooss berouegend ze wëssen, dass et Greffiere waren, déi ënnert der Opsicht vu Magistraten hei geschafft hunn.

Wat ännert dorun d'Noutwendegkeet, fir d'Elektronik anzeféieren? Wat ännert dorun de Besoin, fir eng Zentralisatioun vun den Donnéeën ze hunn? Déi jo iwwregens, am Zäitalter vun Internet, net méi eng raimlech Zentraliséierung ass, zum Beispill an engem zentralen Archiv oder an engem zentrale Computer.

**M. le Président.**- Här Deputéierten Urbany, ech soen et net ganz gär, mä Dir sidd schonn iwwer Är Zäit seit iwwer enger Minutt.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech si ganz séier faerdeg, Här President. Ech sinn iwwregens der Meenung, dass d'Bezirksgericht Lëtzebuerg ganz gutt elektronesch hätte kënnen matenee verknäppt ginn, wéi dat iwwregens och an der Belsch de Fall ass, mengen ech ze wëssen. Wou jo gesot gëtt hei, do wier et eng privat Gesellschaft, déi iergendwéi uewe géif dat elektronesch zesum-

meféieren, mä de Siège vun de Registres de Commerce, souwäit ech weess, sinn an der Belsch och nach ëmmer d'Gerichter.

Deen heite Groupement d'intérêt économique, dee mer elo hei wëlle schafen, dee soll jo kënnen richteg Décisiounen huelen, dee soll kënnen driwwer entscheeden, ob d'Immatrikulatiounen an de Registre de Commerce ugehall ginn oder net.

Et ass jo net de Minister, deen déi Décisiounen hält. Soss géif et jo e Recours administratif géint déi Décisiounen ginn. Et sinn also privat Ugestellter vun enger Privatfirma, och wa Personnes publiques dra vertratt sinn, déi ënnert der vaguer Autoritéit vum Justizminister, vun der Exécutive also, Décisiounen huelen, an dorunner änneren och déi gerichtlech Recoursen näischt, déi géint esou Décisiounen virgesi sinn.

Ech froe mech iwwregens, an esou enger wichteger Fro wéi där heiter, wou jo d'Gerichter Kompetenzen ewech geholl kréien, firwat do net Avisé vun den Autorités judiciaires geholl gi sinn zënter 1999, wou jo vill an deem Dossier do geschitt ass. 1987 sinn déi Avisen nach agehall ginn an do ass keng Rieds dovun gaangen d'Gerichter ze désaiséieren. Ech mengen also aus enger ganzer Partie vun Ursachen, dass dat heite Gesetz...

#### (Interruptions)

... eng rechtsstaatlech Katastroph ass an ech stëmme selbstverständlech dergéint.

**M. le Président.**- Merci, Här Urbany. Domadder wier d'Diskussion eriwuer. Här Minister, wann Der wëllt d'Wuert huelen, da kritt Der et.

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. Weinst der Zäit just e puer Remarken - véier, fënnf.

1. Dat hei ass e wichtegt Gesetz vun enger administrativer Reform beim Lëtzeburger Stat. De Registre de Commerce muss sech senger Zäit upassen, hien ass gegrënnt ginn an enger Zäit, wou et ganz wéineg Gesellschaften gi sinn zu Lëtzebuerg. Duerch d'wirtschaftlech Entwécklung ginn et der haut ganz vill, a si funktionnéieren op eng modern Aart a Weis, dofir ass dat hei eng Réforme administrative déi um Terrain geschitt.

2. De Registre de Commerce bleift - ech ënnersträichen dat - an öffentlecher Hand. Ech si mat all deenen d'accord, déi sech fir de Service public asetzen an awer fir dëst Gesetz stëmmen. Déi der géint stëmmen, sinn der Meenung, dass de Registre de Commerce muss an öffentlecher Hand sinn. Duerfir ass en ënnert der Autoritéit vum Justizminister.

Ech komme mer net vir, wéi wann ech Chef vun enger privater Gesellschaft wär, well soss hätte mer net drageschriwwen, et wär ënnert der Autoritéit vum Justizminister. De Stat ka Member gi vun engem GIE. Dat steet extra am Gesetz. An d'Chambres professionnelles, par ailleurs, sinn och keng privat Entreprises, mä dat sinn öffentlech rechtlech Organer nom Gesetz vun 1924.

Hei ass also keng Privatisatioun, Privatisatioun mat där ech och net d'accord wär, mä hei gëtt, ähnlech wéi dat am Ausland de Fall ass, eng Partnerschaft gemaach tëschent öffentlech rechtliche Chambres professionnelles, déi an deem Beräich tätég sinn, an dem Stat ënnert der Autoritéit vun engem Member vun der Regierung.

3. Dëst Gesetz wäert den 1. Februar a Kraaft trieden. Mir mussen d'Publicatioun vun dem Gesetz an d'Date d'entrée en vigueur hei respektéieren, respektiv eng Rei taktesch Moosnamen nach huelen, duerfir wäert dat den 1. Februar a Kraaft trieden.

4. Ech hu schonn an Optrag ginn, dass mer déi technesch Moossnamen an d'Wee leeden, fir dass och den Accès vun Internet un de Registre de Commerce méiglech gëtt. Dat ass awer méi komplizéiert, wéi dat nëmmen just ze décidéieren, dofir wäert dat am Ufank net funktionnéieren, mä dat bleift mäin Zil, well ech mengen, dass een innerhalb vu ganz kuerzer Zäit muss en Accès hunn un all d'Donnéeën.

Mir hunn eis bei deem Registre de Commerce vill inspiréiert um hollänneschen, deen allerdéngs vill méi privat ass wéi elei. Do ware jo och d'Sozialisten an der Regierung, dofir ass en do ganz a privaten Hänn. Ech war dat nimmlech kucken an Holland, dat wollt mir net hei. Mä mir wëllen, wéi an Holland, den Accès schnell maachen an och iwwer Internet méiglech maachen.

5. Eng lescht Remarque, eng ganz wichteg am Fong, déi an dëser Debat vläicht e bësschen ënnergaangen ass, quitte dass de Rapporteur drop higewisen huet. Hei si wichteg Dispositiounen dran, fir eng Preventioun vun de Failliten an Zukunft ze maachen. Nimmlech déi Bestëmmungen, dass an Zukunft deenen, deenen eng Gesellschaft grënnt, och muss matdeelen op en Dirigeant de droit ou de fait a Gesellschaften war an a wéi enge Gesellschaften, an dat erlaabt dann de Steierverwaltungen dem Minister vun de Classes moyennes matzedeelen, ob dee sengen Obligatiounen, fiskaler an och Sécurité-sociale-Obligatiounen, nokomm ass. Grad esou wéi ee kann d'Autorisation d'établissement oder d'Autorisation de faire le commerce zrëckzéien.

Ech wëll am Numm vun der Regierung extra op déi Dispositiounen hiweisen. Wann d'Gesetz a Kraaft ass, am Februar also, wäerte mer diesbezüglich Instruktiounen ginn un déi Administratiounen, dass déi sech och déi Demanden ukucken, an dass mer domadder hoffentlech kënnen eng Rei vu Failliten évitéieren.

Ech mengen, dass dat hei ee Gesetz ass, dat wirklech der Wirtschaft zu Lëtzebuerg wäert e besser Instrument an d'Hand ginn, an zugalich dem Stat an all deenen, déi d'Entreprises observéieren, méi Informatiounen ginn iwwert d'Entreprises, dass se och éischter kënnen erausfannen, wann Entrepris schlecht dru sinn, besser kënnen hir Finanzsituatioun vergläichen, an dofir ass dat heiten e Gesetz, mengen ech, wat een ouni ze Zécke ka stëmmen, an all déi, déi et net wëlle stëmmen, solle sech dat an där nächster Minutt nach eng Keier iwwerleeën, well ech soen lech hei ganz klipp a kloer: Et ass keng Privatisatioun, soss wiere mer e ganz anere Wee gaangen, mir hätten et entweder ganz enger privater Entreprise ginn a mir hätten et aus dem Giron étatiqueerausginn. Ech mengen, dat wier de falsche Wee gewiescht.

Ech wëll merci soen der Commission juridique, déi hei eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet, well et ass e komplizéierten technesch Text, a besonnesch och hirem Rapporteur dem Här Meyers, dee sech ganz agesat huet, fir dass dësen Text esou schnell konnt duerch dëst Parlament kommen. Ech si frou fir all déi, déi mer hëllefen dës Réforme administrative duerchzebréngen an dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen lech merci!

**M. le Président.**- Merci, Här Minister. Den Här Krecké huet nach gefrot fir d'Wuert ze kréien.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här Minister, Dir kënnt nach 10mol hannertenee soen, et

wier keng Privatiséierung. Dat hei ass kloer an däitlech eng. Dat gëtt den Etat civil vun eise Gesellschaften, deen net méi an enger normaler staatlecher Administratioun seng Gestioun huet. Dat nennen ech eng Privatiséierung. Wann Dir dat nach 10mol sot, dann ännert dat näischt drun. Dir hätt et da kënnen an der staatlecher Administratioun loossen, awer well Dir d'Impressioun hutt, dass déi staatlech Administratiounen net méi kapabel sinn dat do zur vollster Zefriddenheet ze maachen, dann erkläert Dir wirklech d'Faillite vun der Fonction publique an där dote Fro, an dofir bleiwe mir bei eiser Meenung.

#### (Interruptions)

**M. le Président.**- Den Här Urbany huet ganz kuerz d'Wuert gefrot an den Här Henckes. An da kéime mer esou lues zur Lecture vun den Artikelen, well et sinn der 105. Här Urbany.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech hätt nach gär eng Fro gestallt iwwert dee Règlement grand-ducal, dee soll kommen.

Wéi ass et mat der Gratuitéit vum Accès, a wéi ass et mat enger Recherche nom Numm vu Leit, déi an de Gesellschaften Verantwortung hunn, fir zum Beispill de Particulieren, awer och zum Beispill dem Parquet économique ze erméiglechen ze retracéieren, wat an de Gesellschaften geschitt, wann en e Verdacht huet, dass do onkautscher Saache geschéien?

**M. le Président.**- Här Minister, äntwert Der gär direkt?

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Jo, ganz kuerz. Ech hat dat effektiv vergless.

1. De Règlement grand-ducal ass nach net geschriwwen, dofir kann ech lech deen och haut nach net ginn. Ech hu jo gesot, d'Gesetz trëtt a Kraaft den 1. Februar.

2. D'Gratuitéit: Et ass och haut net gratis. Wann ech fréier als Stagiaire an der Etude an de Registre de Commerce gaange sinn, hunn ech och eppes misse bezuelen. Ech soen awer derbäi, dass déi Tarifieren,...

#### (Interruptions)

...déi haut oft beim Stat gefrot ginn, a besonnesch an deem dote Beräich, egal ob et de Statsbeamte mécht oder een an engem GIE, déi si largement net conforme zu där Aarbecht, déi do prestéiert gëtt. Ech mengen, dass een och esou Tariffer muss upassen, ëmsou méi, well et sech hei net ëm privat Leit handelt, mä ëm Entrepreneuren.

Ech kann lech soen, dass der vill gäre méi e schnelle Service hätten an déi soen, dass si bereet si 25€ ze bezuelen amplaz 5€, mä se hätten gären e Service de qualité. Dofir, mengen ech, muss ee kucken, déi Tariffer esou ze maachen, dass jiddereen, deen dovunner benefisiéiert, och se ka bezuelen, notament wann et ëm Associatiounen geet. Do muss een also kucken, ob een net Tariffer mécht fir d'Associatiounen engersäits a fir d'Gesellschaften anersäits, mä dat gesi mer, wa mer d'Règlement ausschaffen.

Déi drëtt Fro iwwert deenen Accès, déi kann ech lech an deem Moment net beäntweren, well ech d'Äntwert net weess.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Wann Der erlaabt, et ass ee reelle Problem. Et kann een déi Recherche maachen doduerch, dass een eng Persoun oder zéng Leit stellt, dat doten iwwert de Mémorial C ze maachen, awer et kann een et net iwwert den informatesch Wee maachen. Et ass also net, dass een net un déi Informatioun kënnt, mä et muss een zéng Leit ustellen. Do meng Fro: Ass dat noutwendeg? Kann dann net och e Service, a wann dat eng staatlech Administratioun wär, beispillsweis nokucken, an der Iddi

vun der Preventioun viru Leit, déi Failliten haten, dass se net ënnert verstoppeter Form optauchen. Et kënnt ee licht eng Recherche maachen an de Ministère kënnt dat licht erausfannen.

#### (Interruption)

Jo, haut fënns Du dat eraus, Du muss just zéng Leit ustellen, déi dat manuell maachen. A mir erlaben net dat do ze maachen. Doduerch wëlle mer och net erausfannen, dass Leit sech permanent hannert Sociétésiten an hannert Nimm verstoppes ginn, déi Gesellschaften sinn. Da wëlle mer dat och net.

**M. le Président.**- Här Minister, erlaabt Der nach déi lescht Interventioun vum Här Henckes, an da kucke mer dat ofzerënnen?

#### (Assentiment)

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här Minister, ech hat lech eng kleng Fro gestallt, wat den Accès op den Internet ugeet. Ech mengen, et ass wichteg, dass et op dee Wee geet, an dass déi Informatiounen, déi hei gefrot ginn, kënnen iwwert dee Wee geséichert ginn, mä ech wär frou, wa mir do kënnen e bësse méi séier virugoen.

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Här President, ech wëll dem Henckes rappeléieren, dass ech dat beäntwert hat, mä en hat dee Moment net nogelauschtert. Ech hunn dat scho längst an Optrag ginn, mä dat stellt eng Rei informatesch Schwierigkeiten an huet am Ufank net funktionnéiert, awer d'Zil bleift.

**M. le Président.**- Domadder ass d'Diskussion eriwuer. Et deet mer Leed lech matzedeelen, dass et 105 Artikele sinn. Ech wäert mat deem néidegen Zuch an der néideger Mécanique probéieren do derduerch ze kommen.

#### Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 105 si gelies an ugehall.

#### (Applaudissements)

Sou, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an der Verfassungskommissioun, ënnert der Présidence vun eise Kollege Paul-Henri Meyers, si mer amgaang eis Gedanken ze maachen, ob mer net sollen eiser Chamber eppes Guddes undinn an an der Verfassung deenen Artikel do änneren. Ech mengen, dat wäert och geschwéi geschéien.

Spaass bei Säit, elo musse mer nach ofstëmmen iwwert d'Gesetz.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 38 Jo-Stëmmen, 5 Abstentiounen a 14 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf (par M. Marco Schroell), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Théo Stendebach) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non:* MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

M. Serge Urbany.

*Se sont abstenus:* MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Här Weiler, ass et zu dësem Gesetz wou Der nach eppes wollt soen?

M. Lucien Weiler (CSV).- Neen.

M. le Président.- Zum Divers? Zum Ordre du jour? D'accord. Dir hutt d'Wuert.

8. Ordre du jour

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, mir sinn nach net beim Divers ukomm. Dir sidd Ärer Zäit e bësse viraus. Mir hunn nach zwou Resolutiounen iwwert de Konvent virleien. Vu dass et relativ spéit ass an dass eng Rei Leit nach Engagementer haut den Owend hunn, a vu datt mer muer en Ordre du jour hunn, wou zwar vill Texter drop sinn, mä déi awer net laang dauere wäerten, géif ech proposéieren, dass mer déi Resolutiounen muer um Enn vun de Projeten, déi mer...

Une voix.- Um Ufank!

M. Lucien Weiler (CSV).- Neen, um Enn vun deene Projeten, déi mer hunn, huelen.

Une voix.- Um Ufank!

M. le Président.- Mer mussen eis hei eens ginn. Lo kritt jiddereen d'Wuert vun den Häre Fraktiounsprésidenten an och d'Madame Wagener. Mer kucke awer, dass mer net elo eng Diskussioun maachen, déi méi laang dauert, wéi et gedauert hätt,...

(Hilarité)

...wa mer beim urspringlechen Ordre du jour bliwwen wären. Also, iwwerleefechlech dat lo mol ganz seriö. Mir sinn elo gutt lancéiert. Mir hunn nach 20 Minutte virun eis. Ech mengen, dann hätte mer dat dote fäerdeg, Här Weiler! Well ech fäerten, wann elo jiddereen hei d'Wuert freet,...

Une voix.- Jo, wann Dir nach laang schwätzt,...

M. le Président.- ...fir seng Appréciatioun ze ginn, dann dauert et genau sou laang. Also, ech ginn dovunner aus, dass d'Chamber domadder d'accord ass, dass mer haut den Ordre du jour evakuéieren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Ass dat esou?

Une voix.- Neen.

M. le Président.- Ass dat net esou? Här Weiler, Dir hutt d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech weess net, wat an lech gefuer ass, mä Dir huelt hei Décisiounen iwwert de Kapp vun der Chamber ewech! Sou kann et jo awer net sinn.

Ech hunn eng Propos gemaach, fir déi zwou Resolutiounen muer um Enn vun der Sitzung no de Projeten ze huelen. Den Här Rippinger huet dozou d'Wuert gefrot an och déi aner Fraktiounsprésidenten. Dir hat gesot, Dir géift hinnen d'Wuert ginn. Da loosst mer fein demokratesch virgoen.

M. le Président.- Da maache mer dat.

M. Lucien Weiler (CSV).- Loosst jiddereen emol hei seng Meenung soen, an da kënnt Dir Konklusiounen doraus zeien.

M. le Président.- Merci, Här Weiler. Also, fir d'éischt dann den Här Rippinger. Här Rippinger, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, mir si mat där Proposition d'accord. Et ass eis egal, ob et elo muer als éischte Punkt kënnt oder als leschten. Ech géing vläicht proposéieren, well et haut dee leschte Punkt war, dass et muer als éischte Punkt géing kommen.

Une voix.- Très bien.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Mä, wéi gesot, dat mécht der Kaz kee Bockel. Mir sinn d'accord, dass et muer kënnt. Ech wëll awer nach bäifügen, wa muer d'Temperatur heibannen nach esou ass, wéi se elo ass, da froe mer, dass mer d'Chamber iwwerhaupt reportéieren op en aneren Dag, well ënnert deene Konditiounen kënne mer net méi hei setzen, dass et kal ass an dass d'Apparatur net geet. Dofir hätt ech gären, dass Dir dat géingt un de President Spautz viruginn, dass dat muer an der Rei ass.

M. le Président.- Also, Här Rippinger, wann ech richtig verstan hunn...

Une voix.- Et ass kal ewéi eng Sau heibannen, jo!

M. le Président.- Här Rippinger, wann ech richtig verstan hunn, hu mer keng Chamber méi bis den 3. Dezember. Do wäerte mer d'Heizung oder d'Klimaanlag wuel gefléckt kréien. Här Krecké, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wann dat de Majoritéitspartei kann hëllefen, fir dass se sech eens ginn, do hunn ech kee Problem dermat, dass mer dat nach bis op muer verleeën. Mä ech wëll awer drop hiweisen, dass, bedéngt duerch d'Visite vum President aus der Slowakei, eenzel Kolleegen Obligatiounen hunn. Wa mer dat also op halwer dräi verleeën, dann hätt ech gär, dass déi Kollegee vun hiren Obligatiounen, déi se dem Premierminister ginn hunn, hei enthewe ginn. Wann net, dann hätt ech gär, dass et hannerhinner kënnt.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet d'Wuert an dann d'Mme Wagener.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, d'Saach gött elo net méi einfach. Also, ech kann och domat averstane sinn, dass mer et op muer reportéieren. Mä mir hu muer den Owend um sechs Auer Engagementer och vis-à-vis vun engem Ministère an enger Verwaltung, sou dass, wa mer et géingen op muer reportéieren, mir dat natierlech da gären op halwer dräi hätten.

(Hilarité)

M. le Président.- Mme Wagener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉ/GRÉNG).- Här President, ech wëllt dann d'Géigeried halen. Als eng vun de Matënnerschreiwierinne vun

enger vun deene Resolutiounen muss ech soen, datt et mir ganz schlecht muer de Mëtte fréi géif goen. Ech hätt et léiwer um Schluss.

(Hilarité)

M. le Président.- Här Weiler, soll ech elo d'Konklusioun zeien?

(Brouhaha général)

Une voix.- Leet et an d'Mëtt.

Une autre voix.- Macht emol eng Propos, Här President.

Une voix.- Här President, ech géif proposéieren, mer maachen et um véier Auer muer de Mëtteg.

M. le Président.- Ech proposéieren lech elo eppes.

Mir probéieren nach eng Kéier an eis eranzegoen. Ass et wierklech net méiglech, dass mer dat elo evakuéiert kréien? Ech stellen nach eng Kéier d'Fro.

(Interruptions)

Oder ass de Konsens dann deen, dass mer et muer um véier Auer maachen?

Plusieurs voix.- Très bien. Jo.

M. le Président.- Muer um véier Auer?

Une voix.- Jo, muer um véier Auer.

M. le Président.- Ech stelle fest, dass eng Majoritéit vun den Deputéierten dofir ass, d'Resolutiounen muer um véier Auer drun ze huelen.

Déi nächst Sitzung ass muer um halwer dräi. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.52 heures)



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

d'Chamber live  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**  
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live